


PROJET PLAN D'ÉTUDES 2025



KONSULTATIONSPHAS

Bildungsberäich

COLAB-WORKSHOP 6 'D'Brécken téschent der formaler an non-formaler Bildung'

19. an 24. Januar 2023 - EduPôle zu Walfer an online via Teams

ANNEXE



Curriculum
Division SCRIPT



Impressum

© Service de Coordination de la Recherche et de l'Innovation pédagogiques et technologiques
Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse
Luxembourg

Auteur: SCRIPT - Division du développement du curriculum

Contact: curriculum@script.lu
www.curriculum.lu / www.script.lu

ISBN: 978-99959-1-382-3

Edition Juni 2023

Inhaltsverzeechnes

1. Virwuert	5
2. Atelier A: Léierméiglechkeeten an der non-formaler Bildung a Vernetzungen mat der formaler Bildung.....	6
2.1. Usätz a Projeten	6
2.2. Krittäre vum Succès a vum Échec.....	8
2.3. Hausaufgabenhëllef.....	10
3. Atelier B: De gemeinsamen an ënnerschiddlechen Bildungsoftrag	11
3.1. Bild vum kompetente Kand um Enn vum EF	11
3.2. Erausfuerderungen vum formalen an non-formale Beräich	13
3.3. Ziler an de Kader.....	15
4. Atelier C: Vu Kommunikatioun zur Kollaboratioun	19
4.1. Positiv bestoend Kommunikatioun a Kollaboratioun	19
4.2. Stolpersteng.....	22
4.3. Wënsch a Léisungen	25
5. Atelier D : De la communication à la collaboration	29
5.1. Wat klappt am Moment gutt?.....	29
5.2. Les obstacles	30
5.3. L'avenir.....	31
5.4. Wonschiedel.....	33

6. Gruppenaussoen aus dem Online-CoLab	34
6.1. Wat verstidd Dir an Ärem Grupp ënnert de Begrëffer ‘Formal Bildung’ an ‘Non-formal Bildung’?	34
6.2. Wéi eng villfälteg Léierméiglechkeeten bitt de non-formale Secteur a wou leien d’Vernetzungsméiglechkeeten mat der formaler Bildung?	38
6.3. Wou gesitt Dir de gemeinsamen a wou den ënnerschiddlechen Bildungsoptrag vun der formaler an non-formaler Bildung?	45
6.4. Wéi kéint déi formal an déi non-formal Bildung (besser) mateneen kommunizéieren a kollaboréieren?	53
6.5. Wat erwaart Dir lech vun engem Dialog a vun enger Zesummenaarbecht tëschent dem formalen an non-formalem Beräich?	72
6.6. Ausbléck.....	77
7. Fotogalerie	84
8. Ausbléck.....	104

1. Virwuert

An dëser Annexe ginn déi gesammelt Stéchwierder a Fotoen aus all den Atelieren a Gruppenarbeiten vum sechste CoLab-Workshop fir de Bildungsberäich, 'D'Brécken tëschent der formaler an non-formaler Bildung', opgeléist. D'Zil vun dëser Annexe ass et, den Inhalt aus den Diskussiounen méiglechst neutral erëmzeginn, fir eng Trace vum ursprénglechen Input ze halen. Am Haaptdokument vum Rapport, deen Dir op www.curriculum.lu kënnt agesinn, huet d'Divisioun fir Curriculumsentwécklung vum SCRIPT eng Regroupéierung an e Choix fir eng bestëmmten Andeelung getraff. Wann Dir um generellen Inhalt vun den Diskussiounen interesséiert sidd, recommandéiere mir lech, de **Rapport** ze consultéieren an dës Annexe als Complément ze gesinn.¹ Am CoLab-Workshop, deen en présentiel zu Walfer stattfonnt hutt, hunn d'Mataarbechter aus der Divisioun fir Curriculumsentwécklung d'Atelieren moderéiert a mat den Outils vun der Moderatioun geschafft (Flipchart, Post-its, Notetaker vun der Divisioun, etc.). Am Online-CoLab goufen d'Participanten a 'Breakout-Rooms' geschéckt, wou si mat engem Worddokument a vill manieren kadréiert diskutéiert hunn. Si hu selwer d'Roll vum Notetaker ënner sech misse verginn. An dëser Annexe sinn d'Rapporten an d'Notizen aus béiden Evenementer innerhalb vun den Atelieren zesummegeleecht ginn an eng éischt grob thematesch Sortéierung gouf virgeholl.

Mir wënschen lech eng gutt Lecture!

D'Divisioun vun der Curriculumsentwécklung vum SCRIPT

Curriculum
Division SCRIPT

1 D'Stéchwierder an dëser Annexe goufe quasi 1 zu 1 vun de Participanten iwwerholl. D'Orthographie gouf just iwwerflächlech der Kloeerheit halber verbessert.

2. Atelier A: Léierméiglechkeeten an der non-formaler Bildung a Vernetzungen mat der formaler Bildung

Bei de nofolgenden Stechwierder handelt et sech ëm eng Mëschung vun de Post-its, déi d'Participanten geschriwwen hunn, an der Matschrëft vum Notetaker säitens dem SCRIPT.

2.1. Usätz a Projeten

- Échange tëscht den Acteuren aus der formaler an non-formaler Bildung
 - > Déi zwee Secteuren hunn zum Deel gemeinsam Raimlechkeeten.
 - > Och Educateure ginn mat de Kanner an de Bësch oder bidden Hausaufgabenhëllef.
 - > Mee: Educateuren, déi mat de Kanner an de Bësch ginn, ass aktuell legal net méiglech ouni extra Genehmigung.
- Klassenchen Horaire: et ass wéineg Fräiraum, well sech nomëttes op Sport etc. konzentréiert gëtt. Wou kann ee Schoul a Maison Relais verbannen?
- Plages communes: Beispill 'Al Adam Roberti'
 - > D'Schoul 'Al Adam Roberti' um Kierchbiërg huet seng Horairë geännert. All Dag ass d'selwecht Schoul. Freides ass Zäit ageplangt, fir Concertatioun tëscht Enseignant an Educateur. Mëttes ass Plage commune, do schaffen Enseignanten an Educateure gemeinsam mat de Kanner.
 - > Och Cycles-Équipen si ganz wichteg, an dat funktionéiert gutt. Et gëtt eng Aart Steiergrupp (Schoulpresident, Inspekter, etc.) déi diskutéieren, an hir Diskussiounen festhalen.
 - > De formalen an non-formale Secteur deele sech d'Raim.
- Aktivitéite während der Schoulzäit
 - > Mir (Educateuren) hu wëlles, Aktivitéite während de Schoulzäiten ze maachen, z. B.: Kanner, déi mat hirer Mathé fäerdeg sinn, ginn ofgeholl a maachen eppes anescht. Kanner, déi Schwiereregkeeten mat der Mathé hunn, gi praktesch gefördert (z. B. an d'Épicerie akafe goen).
- Et wier wichteg, d'Infrastrukturen besser ze maachen. D'Maison Relaisen ware scho viru ville Joer ze kleng gebaut ginn. Elo sinn se vill ze kleng. D'Infrastrukturen hu sech net vergréissert, trotz Populatiounszoufloss. Maison Relaisen huelen 25 % méi Kanner u wéi geduecht ass. D'Kanner verstinn net, firwat si no dem Covid net méi am selwechte Gebai sinn a firwat si verschidde

Pausen hunn. Et feelt oft u Betreuungspersonal fir Ausflich. D'Waardelëschten an d'Infrastruktur sinn e Problem. Am Gesetz steet, dass d'Leit sollen zesumme schaffen.¹

- Orientation: école, conseil, information, accompagnement. Maison Relais: Activités découverte → portfolio orientation
 - > Activités découverte solle kënnen an enger Maison Relais stattfannen, gekoppelt mat Orientatioun a Begleedung an der Schoul (Koordinatioun an Kooperatioun). Et soll och fir Ausflich d'Méiglechkeet ginn, fir méi zesummen ze schaffen.

- Netzwierk vu pädagogesche Bauerenhaff & Ausbildung

- > Extra-Curriculaire: Netzwierk vun de pädagogeschen Bauerebetriber. E Groussdeel vun hire Clienten kommen aus Schouklasse. Si sinn Deel vun der non-formaler Bildung, mee d'Clienten kommen aus der formaler Bildung.

Fro: Ass dat wéi de Science Center?

Äntwert: Dës sinn non-formal Bildungsuenter. Alles, wat net SEA ass, ass eng extrascolaire Bildungsstruktur. De Bildungsoftrag vum Science Center ass ähnlech. Dëst fënnt alles während de Schoulstonne statt. Et geschitt an esou Kontexter enorm vill Bildung, mee dëst taucht nach néierens am Plan d'études op. Et gëtt elo och e Réseau vu Fitness-Pädagogen.

- > An den Ateliers découvertes léiere Kanner, wéi eng Entreprise funktionéiert; am Science Center, wéi z. B. Kiche-Maschine funktionéieren. Esou kann ee praktesch ganz flott Mathé a Science léieren.

- > 'Pädagogesch Bauerenhaff': a Bayern muss een ee mol op de Bauerenhaff.

Heifir brauch et awer Kommunikatioun tëschent den Acteuren iwwert d'Kand, och fir seng Interessen ze sondéieren. Eng Schoul geet jo op eng Zertifikatioun duer, et ass präzis definéiert wéivill Mathé, etc... an der non-formaler Bildung kann ee froen, wat d'Kand interesséiert, mee an der Schoul muss et dat maachen, wat virgesinn ass, och wann et Schwierigkeeten domat huet.

Äntwert op de leschte Punkt: Gutt Schoul bitt permanent breet gefächerte Programm un. Et gëtt transversal (Mathé + Sproochen, etc...) geschafft. De Kanner gëtt ëmmer Fräiheeten gebueden, fir sech ze entfalten.

"Am C1 vun mengem Kand, do gëtt op de Kanner hir Stärkten a Schwächte gekuckt a si hunn d'Flexibilitéit, fir deene Saachen nozegoen."

1 De rechtliche Kader, an deem d'Kooperatioun stattfënnt (**Kooperatioun Bildung 2019**):

- L'article 52 de la loi du 6 février 2009 relative à l'obligation scolaire.
- Les articles 10 et 41 de la loi du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental.
- L'article 32 (1) de la loi du 24 avril 2016 portant modification de la loi modifiée du 4 juillet 2008 sur la jeunesse.
- Règlement grand-ducal du 16 mars 2012 portant exécution de l'article 16 de la loi du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental, relatif à l'encadrement périscolaire.
- Règlement grand-ducal du 14 août 2018 fixant les modalités d'élaboration et d'application du plan de développement de l'établissement scolaire dans l'enseignement fondamental.
- Les articles 8 et 11 du règlement grand-ducal du 14 novembre 2013 concernant l'agrément à accorder aux gestionnaires de services d'éducation et d'accueil pour enfants.

- An der Zäit goufen eenzel Gebaier gefërdert, mee am Moment gëtt vill méi op gedeelte Raim gesat. Schoulgaart, Weier, Beienhaus: All dëst kéint gemeinsam vun der Schoul an der Maison Relais genotzt ginn. Et soll ee Leit an engem ganz spezifesche Beräich forméieren. Dat ass eng Chance, wann een z. B. Educateuren huet, déi gutt an engem ganz spezifesche Beräich sinn, z. B. fir mat de Kanner klammen ze goen oder Musek ze maachen. Dat misst kënne bei de Kanner a bei de Kollege “beworben” ginn. Et wier flott, wann eng Schoul sech kéint e “Profil” bilden, z. B. als eng Schoul, déi de Schwéierpunkt op d’Natur setzt.
- Bei ganz neie Schoule solle sech d’Leit bei der Phase de Construction fannen a vun do aus weider échangéieren.
 - > “An eiser Schoul gëtt e gemeinsam Gebai gebaut, an hei schreift all d’Personal eng Lettre de motivation, firwat si wëllen an d’Bildungshaus schaffe kommen. Si hunn och d’Anciennetéit fort geholl, fir dass sech motivéiert Leit kënne mellen.”
 - > “Dat ass immens flott. Wann een nämlech Eis Schoul um Kierchbiereg kuckt: Si funktionéieren eegestänneg, als eng Entitéit. Dat feelt mir. Et feelt mir u Leedung an Usprechpartner, an och un engem Team, wat ee sech selwer zesummesetzt.”
- Persounen definéieren mat Tâchen (fir d’Kommunikatioun an d’Kooperatioun sécher ze stellen)
 - > Fro: Wien ass d’Bindeglied tëscht Maison Relais a Schoul?
Äntwert: De PEP (an de PDS).
Äntwert: Et ass e Problem, dass keen do ass, fir den Optrag ze ginn, an de Suivi dovun ze maachen. De MENJE gëtt et vir, mee mécht do kee Suivi.
- Géigesäitegt “Geben & Nehmen”, z. B. Enseignant hält HA /Hausaufgabenhëllef, Educateur geet mat an d’Kolonie
 - > Dat Ganzt ass e géigesäitegt “Geben und Nehmen”. Échange ass wichteg, do geet et och net mat enger eenzelter Versammlung duer, fir sech an déi jeeeweils Aarbecht kennen ze léieren.
 - > Covid: Schoul a Maison Relais Infrastrukturen a Personal deelen!?
 - > A verschiddene Schoulen huet ee sech während Covid-Zäite gutt kenne geléiert.
- Zesummen / Transversal : Sciences + Konscht + Technik

2.2. Krittäre vum Succès a vum Échec

- Fonction/Formations communes (IFEN / Enfance-jeunesse)
 - > Formation commune: Et gëtt kaum Formations communes tëschent dem formalen an non-formale Secteur. Am Moment ass et, wat d’Formatiounen ugeet, IFEN vs Enfance Jeunesse.
 - > Eng Propose wier, d’Formatiounen ze zentraliséieren, fir kënne Formatioune mat Leit ze maachen, déi keng Enseignante sinn (Leit aus der Aarbechtswelt, aus Jeunesse, etc...). Am Moment kann esou eng Formatioun net iwwert den IFEN gemaach ginn, a muss dann iwwert den INAP oder soss ee Corps lafen.
- Finanzéierung
 - > Finanzéierung vu Projeten, non-formalem Personal (extra Stonnen, fir op eng voll Tâche ze kommen).

- Dokumentatioun vun den Aktivitéiten
 - > Aktivitéiten, déi an enger Maison Relais stattfannen: Et sinn am Fundamental Basisfächer, déi musse gemaach ginn. Am Idealfall soll awer z. B. d'Transitioun an de Lycée net nëmme Matière-bedéngt, mee och dem Kand sengen Interessen no gestalt ginn.
 - > D'Bilansgesprécher sinn eppes, wat Enseignanten an Educateuren duerchau kënne gemeinsam maachen. Do wier z. B. schonn d'Bewäertung vun de Sozialkompetenzen.
- Sorties scolaires → Verankerung am Plan d'études
 - > Verankerung am Plan d'études: D'Sorties Scolaires sinn am Moment net am Plan d'études verankert, ginn awer als positiv ugesinn. Dëst huet och Konsequenzen op d'Finanzéierung.
 - > Dëst kéint iwwert d'Gemenge gemaach ginn. Et sief awer notéiert, dass d'Gemengen hei awer kënne ganz verschidden Aktivitéiten aussichen. Dës sinn och nët ëmmer pädagogesch sënnvoll.
- Schüler vs Kanner: Chancëgläichheet
 - > Zum Échec kënnt et, wann een an der Schoul vu "Schüler" schwätzt, an an der Maison Relais vu "Kanner". Et soll ëmmer vu "Kanner" geschwat ginn.
- Kloeren, gemeinsam definéierte Kader
 - > Et soll och eng gemeinsam Zilsetzung ginn. An dem formellen vs non-formelle Kontext ass d'Bild vum Kand ganz ënnerschiddlech. "Wéi gesi mir e Kand? Als Educateur weess ech net, wat an dem Plan d'études steet."
 - > Kanner hunn am Dag 3 verschidden Erziehungsstiler: Doheem, Schoul, Maison Relais. Jiddereen huet eng verschidden Aart a Weis, fir de Kanner eppes bäizebréngen. Dëst ka verwirrend sinn, dofir wier e gemeinsam Konzept wichteg.
- "Menger Meenung no ass d'Schoul eng Virbereedung op d'Aarbechtswelt, dat ass hir 'Schaff'. Si gi jo och dorop zertifizéiert. Schlëmm, dass den Examen fir op 7e ofgeschafft gouf. Et ass gutt, wann getrennt gëtt, et sollen och Ufuerderungen an engem méi oder manner strikte Kader gestallt ginn."
- Reegelméisseg Austausch
 - > Remarque Educateur: Diskussiounen zum Funktionement hunn d'Educateuren och ënnert sech.
- Mënschleche Facteur
 - > Et ass esou, dass am Plan d'études d'Bild vum Kand vill manner virkënt wéi d'Matière. Et misst ee sech am formalen an am non-formale Secteur eens sinn, wéi ee Bild ee vum Kand huet.
 - > "De Plan d'études definéiert d'Kand manner. Et steet awer dran "s'identifier avec le métier d'élève". Et gëtt e groussen Ënnerscheid an der Fräiheet, déi een dem Kand an deenen zwee Kaderen gëtt. Meng aktuell Erfahrung: Et feelt um Terrain u Verständnes tëscht den zwee Acteure a wéi si funktionéieren. Dëst kann duerchau zu Konflikter féieren."
- Hierarchie → Formal Bildung
 - > Hierarchie Bildungssystem: Do erliewe mir, dass keen do ass, fir d'Responsabilitéit an der formaler Bildung ze huelen, fir ze kucken, ob dës adequat ausgeübt gëtt. Gëtt den Opdrag net korrekt ausgeübt, gëtt et en disciplinairt Gespréich."

- > Remarque Enseignant: wann ech bei eis d 'Maison Relais kucken, huet dës eng ganz streng hierarchesch Struktur.
- Gemeinsamen Optrag → Monitoring
- Suivi + Kontroll vun der Ëmsetzung
- Gemeinsam Direktioun
 - > "Ech gesinn d'Zukunft an enger gemeinsamer Direktioun tëscht Educateur an Enseignant."
 - > Remarque Enseignant: "Et huet een dofir awer och Cycle a Schoulkomiteeë."
- Gemeinsamt Konzept
- Gérance vum Personal, Begleedung
 - > Et geet dobäi och ëm d'Begleedung vun Ännerungsprozesser. Den eenzelnen Aarbechter mat senger Ressourcen gesinn.
 - > An eiser Schoul ass keng Ressources humaines fir d'Begleedung.
- Ressourcen vun de Leit visibel maachen + entspriechend asetzen
 - > D'Ressourcë vun de Leit visibel maachen: Wann een en Talent huet oder eng Ressource, soll een dës kenne virstellen a promovéieren.
 - > z. B.: En Enseignant oder Educateur dee gutt kloteren kann.
- Schoulhoreieren upassen
 - > Schoulhoreieren upassen: Den Horaire muss kënne jee no Schoul ugepasst ginn, fir dass formal an non-formal Secteure gemeinsam schaffen kënnen.
 - > Remarque: Hei gëtt et Contrainte, z. B. vum Schoultransport, etc. Et gi vill Facteuren um Terrain, déi maachen, dass et geet oder net geet.
- Gesetzgebung
- Iwwersiicht vun existéierende Projeten visibel maachen
 - > Glossaire/ Index vun Kooperatiounsprojeten (non-formal Bildung), z. B.: Kooperatioun Bildung.lu.
- Zesummenaarbecht → Kolonie, Plages Communes, Turnen, Niewefächer
- Ressourcen, Schlësselen, Plagen

2.3. Hausaufgabenhëllef

- Mir hu verschidde Stonnen, wou eng Educatrice d'Stonne leede geet, an dat ass ausserhalb vun deene Stonnen, déi gratis vun der Maison Relais gemaach ginn. Jee nodeem, wat den Horaire ass, huet ee mol méi mol manner Kanner do sëtzen. Dëst ass zum Deel ganz ënnerschiddlech.
- Hausaufgaben fréier: Do gouf et keng aner Betreierung fir Hausaufgaben. Do huet een dat mat der Famill gemaach. Haut huet een doheem net onbedéngt déi selwecht Méiglechkeeten, weder vun der familiärer Ënnerstëtzung (wéinst den Aarbechtsstonnen an dem Liewensrhythmus), nach vun de Raimlechkeeten, fir a Rou ze schaffen.
- Iddi: Iwwersiicht iwwert d'Maison-Relaisen kréien, déi anescht (kooperativ, zesummen) schaffen.
- Iddi: Hausaufgaben an der Klass ufänken (fir besser kënnen ze differenzéieren).

3. Atelier B: De gemeinsamen an ënnerschiddlech en Bildungsoptrag

Bei de nofolgenden Stechwierder handelt et sech ëm eng Mëschung vun de Post-its, déi d'Participanten geschriwwen hunn, an der Matschrëft vum Notetaker säitens dem SCRIPT.

3.1. Bild vum kompetente Kand um Enn vum EF

Remark vun de Participanten: Soelen wieren wierklech Erwaardungen, dat heiten wieren mënschlech Erwaardungen.

- Autonomie fërderen
 - > Non-formal (P2): Aus dem C4 mat Autonomie erausgoen, bereet fir säi Wee ze maachen, kritesch hannerfroen, selwer Meenung bilden, e gewëssent Selbstbewosstsäin matbréngen, sech selwer vertraue kënnen, op seng Kompetenz, seng Perséinlechkeet vertrauen.
 - > Non-formal (P3): Kand am Selbstbewosstsäin stäerken, bei deene Klengen Autonomie fërderen.
 - > Allgemeng: De Wee preparéieren, éischt Notiounen vun deem Selbstvertrauen entwéckelen, sech selwer kennen.
- Informéiert an involvéiert Kand
 - > Formal (P4): Dass d'Kand frou ass mat der Entscheidung mat där et orientéiert ginn ass, well et doran gutt ass an net well et net gutt genuch war, fir enzwousch anescht, dass et een informéiert an involvéiert Kand gëtt.
- Villsäiteg interesséiert Mënschen
- Virwëtzig selbstbestëmmt
 - > Formal (P6): Verwëlzegt Kand, wat sech freet fir weiderzeléieren an selbstbestëmmt ass.
- Un enfant bien dans ses baskets, SELBSTBEWOSST
 - > Non-formal (P7): Roll: Entwécklung vum Kand begeleeden op ville Niveauen - un enfant bien sans ses basquettes - vill Selbstvertrauen huet, e starkt Kand.
- Kollaboratioun
- Selbstbewosst seng Ideen a Meenung matdeelen
 - > Non-formal (P5): Eege Meenung, och kënne matdeele wat et denkt als Virebereedung op d'Liewen, Aarbechtswelt an Schoul, déi duerno kënnt.
- Soen wann et engem net gutt geet
 - > Formal (P2): Sech och heinsdo iwwerwanne müssen, d'Kand muss kënnen kollaboréieren a kommunizéieren (Vokabular, wëssen, wéi een eppes seet), soen wann et engem net gutt geet. Amfong déi 4K vun deenen ëmmer geschwat gëtt.
- Eegen Entscheidungen treffen

- Kand sech kenneléiert
- Wat dreift mech un?
- Wat wëll ech? Kanner sollten en Zil hunn
 - > Formal (P3): D’Kand soll wëssen, wat et alles kann, dass et och eng Idee huet wat et wëll, et ass méi einfach virun ze kommen, wann een en Zil huet, an dass d’Kand sech selwer gutt kenneléiert, dass et weess, ween et ass. D’ännerlech Motivatioun brauche mer rem bei eise Kanner.
- E Kand, dat weess, wat et kann! Dat seng Kompetenzen kennt
- E Kand, dat u sech selwer gleeft a sech op dat konzentréiert, wat et kann
 - > Non-formal (P5): E Kand, wat u sech selwer gleeft an net virdrun kleng gemaach ginn ass, Fokus op wat et kann.
- Ech kann! Positivt Selbstbild
 - > Non-formal (P6): Positiv Visioun vu sech selwer “ech kann”, selbstänneg léiere léieren och beim Léierprozess, ouni Angscht an d’Zukunft erakucken.
- OPPEN → Resilient → Fir d’Situatiounen déi kommen → Nei Matschüler
 - > Non-Formal (P1): Selbstbewusst an oppent Kand, och wann elo aner Saachen op een duer kommen, déi net geplangt sinn, dann ass et keng Katastroph, resilient sinn, Widerstandskraft.
- Schwieregkeete stoussen → iwwerwannen
- Ouni Angscht, Stärkt aus sech
- Hannerfroen kënnen
- Kritescht Denken
 - > Non-formal (P5): Och op Bezug op d’Medien.
- Selbstbestëmmt léieren
- Léieren → geléiert hunn wéi ee léiert
- Zesummenhäng erkennen
 - > Formal (P2): Dass d’Kand Saachen a Relatioun ka sëtzen zu Saachen, déi ët scho gesinn huet. Kreativ sinn an seng kreativ Fäegkeeten och erkennen z. B. wann een op Schwieregkeete stéisst, egal a wéi engem Beräich, kreativ Méiglechkeeten fir Problemer ze léisen fannen.
- Raimlech Orientéierung → Bus, etc.
 - > Non-formal (P4): Och léieren, wéi ee mam Velo op eng Plaz kënnt. D’Kanner sëtze méi an den Autoen, wéi dass se zu Fouss ginn. Och Méiglechkeeten, fir mam Zuch ze fueren.
 - > Non-formal (P4): D’Kanner wësse net méi, wéi een zu Fouss iergendwou higeet.
 - > Allgemeng: Liewensnoheet wichtig.
- Wertschätzung vun eiser Emwelt → Flora + Fauna → Et gëtt just 1 Planéit
 - > Non-formal (P4): Saachen, déi am Bësch leien, Bësch botzen, weisen, wou d’Erdbeien hirkommen.
 - > Allgemeng: Liewensnoheet wichtig.
- Ganzheetlech

- Ganzheetlech Participatioun vum Kand
 - > Non-formal (P4): Zum Beispill weisen, wou d'Erbieren hierkommen – vum Buedem bis un d'Fruucht.
- Partizipatioun vum Kand
- Kollaboratioun
- Geleegenheet ginn Kand ze sinn! → Zäit hunn
 - > Formal (P1): Et ginn enorm Uspréich un d'Kanner gestalt, mee de Léierprozess geet jo bis an den Erwuessenenalter weider. Si fannen hire Wee, mee um Enn vu EF ass et nach e bëssen fréi dofir. Si sollen Kanner kënne sinn a virun allem villsäiteg interesséiert Mënschen sinn.
 - > Allgemeng: Kanner hunn 3 verschidden Aktivitéiten an engem Mëtten, et ass alles extrem duerchgeplangt.
 - > Allgemeng: D'Kanner vun haut sollen nees léieren, wéi wäertvoll et ass, näischt ze maachen, kucken wat geschitt, rofkommen vum stännege Maachen.

3.2. Erausfuerderungen vum formalen an non-formale Beräich

Allgemeng / Formal & non-formal

- Zäit
 - > Gesellschaft: Keen huet méi Zäit: d'Kanner vun haut nees léieren, wéi wäertvoll et ass näischt ze maachen, kucken wat geschitt, rofkommen vum stännege maachen. Et war ee Schwéierpunkt, dass déi Dauerverplangung do ass, duerch de Wandel an der Gesellschaft an dass d'Kanner permanenten Input kréichen – et wichteg wier och mol näicht ze maachen an Langweil u sech zu neier Kreativitéit uspornt.
- Fräizäit
 - > Wéi dem Kand seng Kandheet geschaf gëtt spillt eng Roll → et huet sech elo verännert → ëmmer méi Verschulung → d'Zäit ass d'selwescht do mä anescht verdeelt op d'Kand.
- Fréier waren d'Mammen méi doheem, elo ass dat net méi de Fall
- Duerchgeplangten Alldag
 - > Kanner hunn 3 verschidden Aktivitéiten an engem Mëtten, et ass alles extrem duerchgeplangt.
- Et riskéiert een an déi aner Richtung ze goen an alles nach méi ze formaliséieren
- Opgepasst fixe Kader!! 8h00 bis 15h30? Wëlle mir dat wierklech?
- Et kann net net einfach esou mat de Stonnen hinanhier jongléieren
- D'Entfernung tëschent Maison Relais an Schoul spillt och eng Roll
- Wéi ee Raum gëtt et fir d'Kollaboratioun a Kommunikatioun?
- Ass (genuch) Wëllen do fir (méi) Kommunikatioun a Kollaboratioun?
 - > Verschidde Leit setzen um héiche Päerd.

- Villes persounenofhängeg
 - > Et ass ëmmer persounen-ofhängeg souwuel am Non formalen ewéi an der formaler Bildung wat wéi gemaach gëtt.
- Kloerheet vun der Missioun vum Enseignant an dem Educateur
 - > Ween mëscht wat?
- Momentan sinn d'Parallelen tëschent dem Plan d'études an dem non-formale Rahmenplan respektiv dem formalen an non-formale Beräich guer net visibel.
- Theemen verbannen

Formal

- Wou entschlacke mir am Plan d'études a wou huele mir Saachen eraus? Mussen d'Kanner allegueren alles kënnen?
- Grouss Erausfuerderung: Wat mussen eis Kanner wëssen? Mir mussen eng aner Approche fannen?
 - > Wëssen ass en Masse opzeruffen, mir mussen net méi Wëssen vermëttelen mä Fertegkeeten vermëttelen, mat den Sënner Erfahrungen maachen méi wichteg.
- Virdrun hunn d'Kanner Inhalter missen auswenneg léieren, den Usproch war manner grouss, manner komplex. Elo ass d'Léieren méi usprochsvoll, se sollen och verstoe wat se léieren. Dat ass méi flott well et hieren Interessi férdert.
- Am Lycée gëtt et eng feelerorientéiert Vue
- Wéi bewäerten? Firwat bewäerten?
 - > z. B. Konscht: Eng artistesch Kreatioun ze bewäerten mécht et ganz formal.
- Fachlastegkeet rauskréien.
- Ze vill Grammaire
- Et ass net kloer fir verschidden Enseignanten, dass et och hire Rôle ass d'“vie en commun et les valeurs” an d'“expression corporelle et la santé” ze promovéieren.
- Enseignanten hu missten hiren Appui konvertéieren. Well si awer dann kee Contingent hunn, ass dat heinsdo schwierig.

Non-formal

- Wéi déi selwecht Theemen am non-formalen Beräich beschaffen, ewéi an der Klass? Wéi de Besoin vun de Kanner besser opgräifen, z. B. wann Redebedarf iwwert een Thema, wat an der Schoul geschwat oder geschitt ass?
 - > Wéi kéint een dat (besser) organiséieren, dass si dat dann och kënnen maachen? Wéi eng Theemen solle/kënnen gläichzäiteg behandelt ginn?
 - > Synergien zum formale Beräich de Moment net einfach, well oft net doriwwer kommunizéiert gëtt. De non-formale Beräich kritt et de Moment oft just indirekt vun de Kanner mat, wat an der Schoul leeft, a probéiert, dorobber anzegoen.
- Wat misst d'Missioun vun der non-formaler Bildung sinn? Dat misst méi däitlech gemaach ginn.

3.3. Ziler an de Kader

Iwwergeuerdnet Ziler an Handlungsfelder

- Feststellung, dass béid Beräicher vill Theeme verbënnt an de formalen eben méi do d'Bewäertungsaufgab huet. D'Evaluatioun ass den Ënnerscheid.
- Aufgab vum SEA: Ganz kleng Ustéiss ginn fir Kanner, déi doheem näischt gesinn, dat wat do entsteet, opgräifen am non-formale Beräich.
- Spilleresch léieren, Spill a Spaass, d'Fräiwëllegkeet vun der Offer am non-formale Beräich, Fräispill → dat wat een a senger "Fräizäit" mécht.
- Déi sechs Handlungsfelder vun den Educateure kënnen och an d'Schoul eriwwer geholl ginn → méi spilleresch.
- D'Educateure mussen d'Kand als Kand gesinn, ganzheetlech, wat brauch d'Kand grad, wéi kann ech him hëllef, och dat sozio-emotionalt an de Fokus huelen.
- Den Educateur kuckt net, wéi en d'Kand muss évaluéieren, en léisst d'Kand sech entwéckelen.
- De Schoulmeeschter beaflosst d'Kanner méi staark a gëtt hinnen eng Aufgab.
- Formale Beräich: Méi villschichteg: et war méi iwwersiichtlech, elo gëtt et vill méi.
- Non-formale Beräich kennt de Programm, kritt et wéinstens indirekt duerch d'Kanner mat.
- Theemen, déi an der formaler an net formaler Zäit Thema sinn, gemeinsam opgräifen. Erkennen vun den Theemen, z. B. Sexualitéit.
- Transversal Schaffen an den zwee Beräicher an tëschent de Beräicher.
 - > Sech ofschwätzen vum Programm hir → z. B. d'Maison Relais huet d'Thema Sexualitéit opgegraff vun der Schoul, well de Besoin do war.
 - > T'ass een méi sou schafft wéi den C1: méi transversal, méi schaffen wéi den C1.
 - > Taart baken → och am Fundamental huet een Zäit fir ze baken. Et muss een sech bewusst ginn, wat do alles drunhängt.
 - > Tuerm bauen → Am non-formalen kéint een de Kanner ee Meter dohinner leeën, fir dass si en Tuerm moossen kënnen.
 - > E Velostour maachen.
- Méi Projetsarbecht tëscht d'Schoul a Maison Relais.
- C1: Frëndschafte schléissen.
- Ganzheetlech d'Kand kucken.
- Dem Kand seng Stärkten → Ausgangspunkt.
- Interessen vun de Kanner opgräifen a wecken.
- Knowhow → Ganz wichteg den Interessi, Know-How fir un d'Wëssen ze kommen an ze filteren.
- Kee Wëssen vermëttelen, mee Fertegkeeten.

- > Iwwerspëtzt gesinn hätt een fréier d'Méiglechkeet gehat, sech dat ganzt Weltwëssen unzueeegnen, mee haut net méi. Duerch d'Komplexitéit an doduercher, dass dat manner Wäert huet, well een jo alles nosichen kann a Sekonnenschnellt, wier et dofir méi wichteg, sech Fertegkeeten unzueeegnen.
- Ech ginn an dee Lycée, an deen Ausbildungszweig, well ech dat gutt kann – meng Kompetenzen an engem bestëmmte Beräich besonneg gutt sinn
 - > Déi Diskussioun Classique/Général sollt onwichtig sinn. De Lycee an de weidere Wee sollen duerch d'Interesse vum Kand bestëmmt ginn.
 - > D'Beobachtungen, déi d'edukatiivt Personal vum eenzelne Kand mécht.
 - > Kanner-Reunioun, Kanner-Briefingen.
 - > Déi méi schwierig fale méi op, déi aner ginn ënner.
 - > Direkt Eltregespéicher zesummen.
- Rou, keen Trubel, a kleng Kannergruppe sinn

De Kader

- De Kader muss Fräiraum ginn, erméiglechen fir:
 - > Léieren näischt ze maachen;
 - > Rofzekommen;
 - > Rou ze ginn;
 - > Et ass eng Kompetenz ze mierken/ ze soen: "Ech brauch Rou".
- Net nach méi formaliséieren
 - > Et riskéiert een an déi aner Richtung ze goen an alles nach méi ze formaliséieren.
- Egal ob SEA oder Schoul, et misst een sech um selweschte Wee orientéieren kënnen.
- Missioun vum Enseignant
- Infoen → fir Feedback
- Austausch muss méi wäit goen
 - > Den Austausch misst méi wäit goen wéi d'Thema Hausaufgaben.
 - > Hunn all déi Strukturen Eltregespéicher an ginn déi méi wäit eraus ewéi "Ärt Kand ass wibbeleg?"
 - > Wat sinn Theemae déi do ugeschwat ginn an Eltregespréicher? Stärkten vun Kanner ervirhiewen.
 - > Échange mat der Schoul, fir ze wëssen, wéi d'Educateuren d'Kand kënnen stäerken.
 - > Standortgespräche.
 - > De non-formale Beräich bräicht och méi Informatiounen zum Programm, fir Synergien kënnen ze maachen.
- Mir mussen festhalen a wëssen, wat wou leeft
 - > Als Enseignant d'Kanner froen wat maachen d'Kanner an der Maison Relais. Online kann een um Site vun der Maison Relais alles noliesen, et ass öffentlech.

- Kooperatioun verankeren.
- D'Enseignanten hunn Grillen. Am C1 kënne si Fräitext schreiwen. D'Leit wëllen sech un eppes festhalen, well si soss schwammen. U wat orientéiert dir iech?
- Den non-formale Beräich krut Stonne bäi fir am formale Beräich kënnen ze intervenéieren.
- Stonnen → bäiginn
- Et muss gereegelt ginn, dass d'Stonne sech iwverschneiden.
- Méi Plagen, wou d'Kanner all mussen do sinn.
 - > Soss muss d'Schoul ze vill stämmen.
- Ganzdagsschoul wa mer keen double Emploi wëlle man
 - > Et war eng Diskussioun dass d'Ganzdagsschoul u sech de perfekte Modell wier mat Plagen, wou all d'Schüler missten do sinn & Plagen, déi fakultativ sinn, fir dass et net nach méi Schoul a méi fort-vun-doheem ass.
 - > Dann mussen d'Enseignanten méi laang schaffen an verléieren Anciennetéit.
- En Educateur an all Klass? Huet een an der Jean-Jaures-Schoul.
- Strukturell Saachen, wéi een d'Passerellen organiséiert.
- Eppes zesummen definéieren an dann eréischt duerno opdeelen, wat den Enseignant mécht a wat den Educateur méi mécht!
- D'Schnëttstellen visibel maachen.
- D'Iwwergäng visibel maachen.

Referenzdokumenter an Outilen

- Iwwerbau & Parallelen
 - > Léierziler? Wéi kann een dat an engem Curriculum verankeren?
 - > De Plan d'études brauch e Kader, wéi de Rahmenplang en huet. Et ass d'Fro, ob dat 3 Dokumenter (Kader, Plan d'études, Rahmenplang) nierfteneen bleiwen sollen? Mussen et zwee getrennte Rahmenpläng sinn? Funktiounsräim mat Verbindungen/ Iwwergäng.
 - > Et gouf doriwwer diskutéiert, ob een net nach een Iwwerbau bräicht, deen d'Parallelen tëscht de Bildungsberäicher géif visibel man?
- Wat kënne mer léieren vum Rahmenplan?
- Dräi Kaderen (Generelle Kader, Plan d'études, Rahmenplang vu non-formaler Bildung).
- De PEP sollt just 1 Méiglechkeet / 1 Szenario virginn.
 - > De PEP dierf keng 3 Méiglechkeeten hunn. Hei war d'Konklusioun, dass een manner Spillraum soll hunn, keng verschidden Méiglechkeeten an Szenarien vu Kollaboratioun, mee d'Kollaboratioun 'erzwéngen', fir dass se iwwerall méiglech gëtt.
- Et misst e flexibelen Plan d'études ginn, wou et méiglech wier eng Sprooch ze prioriséieren.
- Grammaire muss nach vill méi eraus.
- Inhaltlech méi kierzen an de Wee dohinner méi beschreiwen.
- D'Thema vum Mount.

- > D'Erkennen vun den Theemen méi explizit maachen tëscht deenen zwee Beräicher.
- > Pro Mount een Thema wier eng liddi. Lehrplan no 12 Méint. D'Theemen müssen transversal an oppe sinn. Et musse komplett global Theeme sinn.
- D'Projeten sinn de Schlëssel.
- Transversal Approche / Projets-Approche am Plan d'études verankeren, ass dat méiglech?
- De non formale Beräich bräicht och méi Informatiounen zum Programm, fir Synergien kënne ze maachen. Et wier hinne wichteg et explizit matzekeréien an sou och besser opgräifen ze kënnen, dofir misst och de Plan d'études fir si méi léisbar an visibel sinn.
- Schaffen mam Wocheplang, fir sech de Kanner unzepassen.
- E-Bichelchen.
 - > Oppe Fro: Kënnt am E-Bichelchen och e Punkt zur Evaluatioun? Wann d'Kand grad eppes verstanen huet? → Wënscht sech de non-formale Beräich, fir sech Umierkungen zum Verständnis ze man.
- Journal de Bord.

4. Atelier C: Vu Kommunikatioun zur Kollaboratioun

Bei de nofolgenden Stechwierder handelt et sech ëm eng Mëschung vun de Post-its, déi d'Participanten geschriwwen hunn, an der Matschrëft vum Notetaker säitens dem SCRIPT.

4.1. Positiv bestoend Kommunikatioun a Kollaboratioun

Kommunikatioun & Austausch

- Reegelméisseg Austausch tëscht Acteuren.
- Reegelméisseg Austausch Comité/Concertatiounen.
- Reegelméisseg Austausch Comité/Concertatiounen, gemeinsam Aktivitéiten deelweis.
- Austausch mit Reegelschule (je nach Person) meistens gut, mit Elteren auch gut (CDM).²
- SEA: Alles, wat am Alldag geschitt, kritt jiddereen d'Info (EF, SEA, Elteren, Fall-ofhängeg, Projet RASE (KCB)³.
 - > Et gëtt e Service vun der Gemeng Suessem, wann Elteren a Kanner beispillsweis Problemer hunn oder Educateuren a Kanner → Et ass een psychologeschen Service → Wann vun Doheem aus Problemer sinn (Kand-Elteren) oder wann Enseignanten Problemer hunn, hëllef an ënnerstëtzen si dann.
- Kommunikatioun mat den Elteren, dem Précoce, Agence Dageselteren an Cheque Service klappt super (Dagesmamm).
 - > Hei koum ee Géigekommentar vun enger anerer Dagesmamm, dass d'Kommunikatioun mat Précoce a Spillschoul bei hir awer net geet.
 - > Remarque zeréck: Dagesmamm hat de Kontakt selwer opgeholl, si huet misse vill schaffen, fir vum Léierpersonal respektéiert ze ginn, lo geet et gutt.
- Gutte Kontakt mat extern Servicer (SCAS, Assistants sociaux, etc.) an Elteren (SEA).
- Elterencafé (Elteren+EF+SEA), am Haff en Eck mat Kaffismaschinn.
 - > Konzept zesummen mam SEA.
 - > Eltere-Kaffi am Haff (1x / Woch, geet ab halwer 8 un), do kënnen si mat hinnen eng Taass Kaffi drénken, wou Personal vum SEA a vun der Schoul ass, wou ganz informell Gespréicher stattfannen. Sou trauen d'Elteren sech och vill méi ze soen a Relatiounen ginn opgebaut.
 - > Och bei Corona ass dëst relativ onproblematesch (deelweis dierften d'Elteren net mat an d'Gebai oder hu sech net getraut).
- Eltereneck (SEA).

2 CDM: Centre pour le développement moteur

3 KCB: Kannercampus Belval

- > Wéinst Corona dierften d'Elteren net eran, verschidden Elteren traue sech ëmmer nach net. Den Eltereneck soll et bëssen méi schmackhaft maachen.
- > Si hunn een extra Eck mat Couchen opgeriicht.
- Gemeng ass gutt (SEA).
- SEA-EF: Kommunikatioun op enger horizontaler Ebene.
- SEA geet an Schoulzäiten an den EF → Referent, EF geet an den SEA Zäiten fir Aktivitéiten.
- Versammlungen am Allgemengen Schoul/SEA → Eltereversammlung.
- Plénièren.
- Kommunikatioun, gemeinsam Concertatiounen, Plénièren, Bilane, Gespréicher.
- Kommunikatioun gutt, wëll gemeinsam Notzen vun de Säll, gemeinsam Tester, PDS gemeinsam.
- Kontakt gëtt vu Joer ze Joer besser (Jugendsektor).
- Jugendhaus zu Primärschoul an Jugendhaus zu Maison Relais.
- Kommunikatioun a Kollaboratioun ass Persoune bezunn gutt (SEA).
- Sehr individuelle Betreuung vom Kind → viele Beteiligte (Eltern, Firmen, Partnerschulen, Maison-relais, etc.) → wenig Kontakt mit Maison Relais.
- Referenzpersounen festleeën an dru bleiwen.
- Schülerorientéiert an ënnerstëtzend an all Beräicher.
- (Bei gutter Kommunikatioun a Kollaboratioun) Et léiert ee vunenee fir de Schoulalldag besser ze organiséieren.

Kommunikatiounstools

- SEA an EF: gutt K&K via WhatsApp, SIGNAL (schonn an 82 Gemengen).
- WhatsApp-Grupp.
- Kontakt mat engem Enseignant per Whatsapp an e-Bichelchen (*Dagesmamm*).
 - > D'Dagesmamm huet just mat engem Enseignant iwuer Whatsapp Kontakt. Dat klappt gutt, mee et ass eben informell.
 - > D'E-Bichelchen ass ee gutten an vereinfachenden Tool fir d 'Zesummenaarbecht.
- E-Bichelchen klappt super (*Dagesmamm*).
 - > Kontakt mat den Elteren elo bëssen besser mam E-Bichelchen well do geschriwwen gëtt wat d'Kand brauch.
 - > E-Bichelchen vereinfacht de Prozess, mécht méi transparent wat d'Kand brauch.
- E-Bichelchen wird noch nicht angewendet.
- DIMMI-App fir Kommunikatioun Schoul-Elteren + Referenzpersoun.
 - > Elteren, Enseignanten plus Educateuren zesummen an enger Grupp → Dimmi-App hëlleft extrem.
 - > Dimmi-App an E-Bichelchen sinn sou opgedeelt, dass verschidden Leit verschidden Theemen bearbechten. Di eng äntworten op déi eng Messagen an di aner op anerer.

- DIMMI-App ass am Allgemengen ausbaufäeg.
 - > DIMMI-App ass bëssen ëmständlech well Elteren mussen hir Kanner beim Educateur an dem Enseignant ofmellen → Dat wäert d'E-Bichelchen awer vereinfachen.
- E-Bichelchen an DIMMI-App ass ze vill, et ass kontraproduktiv wann et ze vill Plattformen ginn.
- App SIGNAL gemeinsam.

Kollaboratioun

- Kollaboratioun: Comité élargi + Président + Responsabel SEA deelen sech ee Bureau.
 - > Comité elargi deelen sech ee Bureau → Dat Gebai ass och dono gebaut ginn, fir dass dat gutt méiglech ass.
- Échange Direktioun + Responsabel SEA.
- Directoires vum Jugendsektor ginn de "GO".
- Commission scolaire: Commune-parents-école-SEA.
- Responsable – Président/SEA.
- 1 roude Fuedem fir SEA an EF.
- Gemeinsam pädagogesch Konzept (zesummen ausgeschafft) vun SEA an EF.
 - > Gemengt ass een gemeinsam Dokument. Zesummenaarbecht funktionéiert do gutt, wou EF & SEA ee gemeinsame Skript (Konzept fir Inhalter & Aktivitéiten) hunn.
 - > Am Virus gëtt gemeinsam geplangt an ausgehandelt, selwer ausschaffen.
- Gemeinsam Konzepter (KCB an SEA)
- Kollaboratioun SEA-EF: gemeinsam Atelierer, gemeinsamen PDS, SEA kritt all Infos an ëmgedrënt - 1 TEAM.
 - > Eng Enseignante huet gesot, dass si 1x d'Woch en Atelier bei hinnen ubidden → Mat der ganzer Schoul, zum Schluss Evaluatioun zesummen mat Enseignanten an Educateuren.
 - > De Cycle 4.2 schafft mam Jugendhaus zesummen fir e besseren Iwwergang vun der Grondschoul op de Lycée ze erméiglechen.
 - > SEA Buerglënster Päiperlek: Gutte Kontakt op der horizontaler Ebene mat Schoulmeeschteren → Hatent vill Projeten zesummen.
 - > Schoulmeeschteren kommen an den SEA an halen do mat d'Stonnen.
- Bestëmmten Manifestatiounen am Joer zesummen gestalten, z. B. Schoulfest.
- Gemeinsam Ausflich.
 - > Gemeinsam Plangen, Educateuren mathuelen, zesummen kommunizéieren och mat den Elteren.
 - > Kommunikatioun iwver DIMMI-App klappt super. Wann d'Elteren hiert Kand z. B. ofmellen, gesäit den zoustännegen Educateur AN d'Enseignanté et wat super praktesch ass. Wann deen Zoustännegen awer net do ass, gëtt et schwierig.

- > Fir d'Elteren ass et schwier, gläichzäiteg DIMMI & e-Bichelchen ze géréieren. Eng Persoun sot, dass gläich alles iwwer e-Bichelchen lafe soll. Eng aner Persoun sot, dass bei DIMMI jiddereen all Info gesäit hei kann ee kann séier kommunizéieren wann e Kand z. B. Hëllef brauch. Dës Persounen hunn Zougang, dass DIMMI & e-Bichelchen gläichzäiteg vläit effektiv awer e bëssen eng Erausforderung wieren.
- Gemeinsam Aktivitéiten deelweis.
- Gemeinsam Aktivitéiten an Projeten vun Jugendhaus an EF.
- Oppene Jugendsektor: Wann d'Schoul eis eran léisst a mir bis emol an der Klass waren ass de Kontakt gutt, gutte Kontakt zur Maison Relais.
- Jugendhaus-EF: Gemeinsamt Virbereedung fir den Iwwergang SEA-Jugendhaus → Cycle 4 Jugendsommer.
 - > 6. Schouljoer huet mam Jugendhaus zesumme geschafft, fir scho kënnen ze entdecken, wat e Jugendhaus ass an dat kënnen entdecken. Dat geschitt op Aenhéicht.
 - > Jugendsommer: Cycle 4 → Vakanzen / Sortien gi mam Jugendhaus zesummen organiséiert.
- SEA précoce – Schoulmeeschter: Schoulmeeschter ginn an den SEA esou datt d'Kanner net hin an hier musse goen.
 - > Schoulmeeschteren kommen an de SEA an halen do mat den Educateuren zesummen ODER SEA kënnt an d'Schoulstonnen → horizontal Kommunikatioun op enger Ebene, d'Leit a virun allem d' Educateuren fille sech vill méi valoriséiert vun hirer Aarbecht wann esou 'gedeelt' gëtt → esou eng Zesummenaarbecht wier och eng Reaktioun / Léisung fir den aktuelle Personalmangel.
- 12-16 Auer Transitioun École-SEAs, Concertatiounen Cycle-SEA.
- Zäitlech Iwwerlappungen: Personal SEA ↔ EF.
- Bilansgesprécher.
- Bilansgesprécher EF & SEA & Elteren an extern Fachkräfte.

Infrastruktur

- Zesummen an engem Haus (Agrément, Finanzen, machbar).
 - > Wann se an engem Haus sinn, ass Zesummenaarbecht vill méi einfach. Dat Finanziell muss natierlech gutt geplangt sinn, mee dat ass awer machbar.
- 1 Gebäude = gute Kommunikation (wenige Beteiligte) → direkter Austausch (CDM).

4.2. Stolpersteng

- Personalmangel op béide Säiten
 - > Béd Säiten hunn Personalmangel, Leit gi ganz dréngend gebraucht.
 - > Duerch de Mangel verméschen sech heinsdo déi berufflech Profiller. Heinsdo muss eng Persoun d'Aarbecht vum Enseignant an Educateur zesumme maachen, dat ass schwier.
 - > Méi kleng Klassen wiere scho gutt.

- > De Beruff vum Educateur méi schmackhaft an interessant maachen.
- Machtkampf (wien ass méi wichteg) NF-F ? → formalen a non-formale Bildungsberäich → Kanner a Jugendlecher sinn net am Fokus
 - > D'Kand ass oft net am Fokus, mee aner Machtkämpf, ween ass am Wichtigsten, de formalen oder de non-formale Bildungsberäich? → *Dee Jonken* ass am Wichtigsten!
- Infoen falsch vermëttelen (SEA/KCB)
 - > Ënnerscheed zwëschen Jugendhaus a Veräin kloer maachen.
 - > Elteren hunn e Konzept vum Jugendhaus, wéi wann et e Club des Jeunes wier → Extrem negativ.
- Perspektiv an Bezéiung zu de Kanner ass verschidden
 - > Stolpersteen: Keng gemeinsam Ziler respektiv dës net genuch erkennen.
 - > Enseignants mengen, Fachwëssen ass hire Beräich an d'Educateuren géifen sech ëm den sozio-emotionale Beräich këmmere.
- EF/CDM: Kaum Kollaboration mit non-formalen Bildungseinrichtungen
- PEP: Sou wéi e geplangt war a sou, wéi e schlussendlech war, ass komplett ënnerschiddlech
 - > Iddi beim Ausschaffen war, fir Kooperatiounsmomenter ze schafen. Do gouf de roude Bic ugesat, am Ufank war de PEP ganz anescht geduecht → PEP muss anescht gehandhaabt ginn. De Moment interesséiert de PEP keen, keen liest wat do drasteet.
- Stonneplang / Horairen vun der Schoul ass net flexibel fir Zesummenaarbecht an Austausch
 - > Flexibel Auerzäiten / Horairen wichteg, vu béide Säiten (Enseignanten oft net esou flexibel wéint dem fixen Curriculum, Educateuren oft méi flexibel). Ee Beispill: Educateuren kommen an d'Versammlung vun den Enseignanten, dann klappt et.
 - > D'Jugendhaus (SEA) ass flexibel, mee d'Schoul ass et net. Dëst mëscht eng Zesummenaarbecht schwierig.
 - > D'Schoul huet an dëser Hisiicht keen Moyen entgéint ze kommen.
 - > Déi Jonk ginn de ganzen Dag betreit → Am Lycée sinn se op sech alleng gestallt.
- Et ginn ze vill Coupuren wéinst dem Stonneplang
 - > Problem: Educateuren schaffen net um Stéck, mee mat Coupuren an hiren Schaffzäiten. Si fueren dotëschent heem, dat ass ganz ustregend. Och schaffen vill Educateuren net onbedengt 40h, net gutt.
 - > Horairen vun Educateuren sinn oft 'schrecklech'.
- Horairen bei den Dagesmammen
 - > Eng Dagesmamm sot, dass se de Moment net esou mam Kand schaffe kann, ewéi et verlaangt wier. Et ass schwierig, mat méi Kanner gläichzäiteg ze schaffen, wann ee muss ee fixen Horaire anhalen (Beispill: Hausaufgaben ëmmer um 16 Auer. Dat ass awer onrealistes. Deen een Dag huet dat eent Kand um 16 Auer Sport, do missten dann direkt nom lessen Hausaufgaben gemaach ginn, fir dass si nach kënne spillen virum Sport asw). Dann soen d'Kanner och mol, dass si d'Hausaufgaben dann doheem géinge maachen.

- > Eng Dagesmamm huet mat der Schoul kee gutten Kontakt. Säit et am September d'Hausaufgabestonn gëtt, ass keng Zäit méi fir aner Saachen (z. B. an de Bësch goe mat de Kanner). Et iwwerschneit sech vill mat de Veräiner an den Hobbyen vun de Kanner. Äntwert vum Grupp: Do kann kee Plan d'études oder Gesetz eppes änneren, dat läit un der Fräizäitgestaltung vun de Kanner.
- Keen Secteur weess, wat den aneren mécht, et misst een zesummeschaffen an en Abléck an dem Aneren seng Aufgabeberäicher kréien
 - > Déi eng verstinn déi aner net. Wat heescht dat eigentlech, an der Schoul ze schaffen? Wat heescht dat eigentlech, an der Maison Relais ze schaffen? → Vue op deem aneren seng Aarbecht hëlleft op béide Säiten, beispillsweis erkennen, dass Educateuren net 'just bastelen'.
 - > Viruerteel Maison Relais: Do géif net geschafft, d'Leit wëssen net, wat mat de Kanner gemaach gëtt → et muss méi Wëssen doriwwer ginn → do muss vill Kommunikatioun stattfannen, dat ass Aarbecht.
 - > Valorisiatioun vun deem aneren sengem Aarbechtsfeld zentral!
 - > Wann ee gemeinsam schafft, ass dat natierlech scho vill besser a vill méi einfach.
 - > Op eemol ufänken ze deelen, wann d'Gebaier bemol déi selwecht sinn, ass schwierig, dat brauch Zäit, mee dann geet et.
- Vill Leit aus dem formale Beräich wëssen net, wat den oppene Jugendsektor mécht → schaffen mam Cycle 4.2
 - > An 12 Gemengen klappt dat scho gutt.
- Keng Wäertschätzung vun der non-formaler Bildung (Jugendsektor)
 - > Zesummenaarbecht an der Gemeng muss gutt lafen, mee si missten sech bei den Direktiounen virstellen fir selwer a mat hiren Offeren seriös geholl ze ginn, et si vill Viruerteeler do ('am Jugendhaus tauschen se just Pokemon an drénke Kaffi, etc.'). Och d'Elteren hunn oft ee negatiivt Bild vum Jugendhaus, 'do drénken a fëmmen se', et muss vill Elterenaarbecht gemaach ginn. Dofir soll d'Jugendhaus och an d'Elterengesprécher invitéiert ginn fir dass si sech virstelle kënnen an Barrièren ofbauen.
- D'Plus-value vun der non-formaler Bildung ass net jidderengem bewosst (Jugendsektor)
 - > Wat brauch dee Jonken? Bewegung, Demokratie, etc. → Jugendhaiser müssen iwwer d'Schoul an domadder iwwer d'Schouldirektiounen fueren, fir Succès ze hunn an 'unzekommen'.
- Déi Jonk müssen op 7e vum Jugendsektor ofgefange ginn. Se kommen vun der Maison Relais/ Ganzdagsbetreiung → an dono op 7e just nach Schoul
 - > Leit aus dem Jugendsecteur hu gesot, si sinn éischer fir de Cycle 4.2 → d'Kanner sollen nom EF an de Lycée goen an 'eensginn', d'Kanner si verluer. Den EF huet een zimlech geschützte Kader, dono fällt dat einfach ewech fir d'Kanner → net nëmmen de formalen, mee och de non-formalen Iwwergang ass also net gutt.
 - > D'Kanner sollen ënnerstëtzt ginn, dass se an e Veräin ginn oder an ee Jugendhaus, well vill Kanner doheem net déi Ënnerstëtzung hunn, déi se géinge brauchen → De Jonken steet am Fokus.
 - > Eng Persoun sot, si hunn den Alter am Jugendhaus erofgesat, fir d'Kanner méi fréi opzefänken.

- Et gëtt kee Pool de Remplacement am non-formale Sektor
 - > Et gi keng Remplaçanten fonnt fir Mëttes vun 14h00 bis 16h00, et wier gutt wann do Leit aus der Schoul kéinten aushëllefen.
- Ministère ass net gläich mat Gemeng (SEA & KCB)
 - > Ee vun de gréissten Stolpersteng: SEA gëtt net iwverall vun enger Gemeng bezuelt, mee och vun aneren Träger, do ginn et ënnerschiddlech Budgeten, wat ee Problem ass. Och bei de Gemengen ass et ënnerschiddlech, verschidde Gemengen hunn einfach méi (finanziell) Méiglechkeeten.
 - > De Wëllen vun der Gemeng an de politesche Wëllen ass immens wichteg.
- Budget
 - > De Budget fir verschidden Saachen ass och ee grouse Problem → SEA ass zum Beispill net ëmmer vun der Gemeng bezuelt (deelweis och vun ASBLen).
 - > ASBL stécht kee Geld dran → Dat féiert zu extrem ënnerschiddlechen Budgeten jee no Gemeng. Dëst wierkt sech op d'Kanner aus.
 - > Kee politesche Wëllen vun der Gemeng, et hänkt alles vum Budget of deen d'Gemeng gewëllt ass ze ginn.
 - > Jugendhaiser kréien oft de Budget net, well et net als wichteg genuch gesi gëtt respektiv si net als wäertvoll Ënnerstützung wouergeholl ginn.

4.3. Wënsch a Léisungen

- Flexibele Stonneplang
 - > An den Horairen mussen Plagen fir eng Zesummenaarbecht an eng Synergie geschafen ginn.
 - > Fir Kooperatiounen eng bestëmmten Unzuel vu Stonnen am Trimester festleeën.
 - > Flexibel Horairen wiere schonn fir déi Plagen gutt, wou ausgehollef ka ginn (z. B. Mëttesstonn, Accueil Moies).
- Horaires flexibles (fir Dagesmammen)
 - > Dagesmamm: Horaire flexibel wier wichteg, am Moment mussen si fix Stonnen maachen, mee dat ass net gutt an der Realitéit. Vun de 5 Kanner huet d'Dagesmamm dann just 1 do setzen, well déi aner an där Zäit am Sport sinn asw. Et muss méi flexibel sinn, et muss flexibel all Dag kënnen decidéiert ginn, wéini lo d'Hausaufgabe gemaach ginn, flexibel reagieren op d'Situatiounen.
- De Plan d'études 2025 soll manner restriktiv sinn
 - > Je manner restriktiv de Plan d'études ass, desto méi Schnëttstelle mat aneren Acteuren / Secteuren / Beräicher léisst en zou.
- Gemeinsam Schwéierpunkten ausschaffen (PE & PEP & Rahmenplan)
 - > Remark vun engem Participant: Et misst elo mol doriwwer diskutéiert ginn, wéi een zesumme *léieren* kéint (als Reaktioun dorobber, dass de Fokus vun den Diskussiounen am Atelier op der Schoulorganisatioun loung, wourunner de Plan d'études sou direkt näischt ännere kann).
- Gemeinsam Konzepter opstellen

- > Plan d'études: Exploratiivt Schaffen zesummen maachen, z. B. Atelieren ubidden (z. B. zum Thema 'Schülerzeitung' → net nëmmen Domaines), hei fannen sech dann Teams zesummen. D'Atelieren ginn dann cycleiwwergräifend ugebueden, et hellt een dann 15 Kanner un an encadréiert déi an zum Schluss vun der Woch ginn d'Kanner dann gemeinsam évaluéiert.
- > Entdeckungsmomenter si gutt fir de non-formale Beräich → Enseignanten maachen am Cours d'Rezept an d'Educateuren kachen dann mat hinnen.
- > Et kënnen och am non-formalen vill Lienen zu de Fächer / Domainen / behandelten Theemen gezu ginn.
- > Fir op de Lycée bësse preparéiert ze ginn, kéint d'Personal aus dem non-formale Bildungsberäich hëllefem, déi Kanner ze preparéieren, déi doheem net déi néideg Ënnerstëtzung a Preparatioun hunn.
- > Veräiner spillen an dësem Zesummenhang och eng wichteg Roll.
- > "Noju@School" ass ee gutt Beispill fir d'Strukturen opzebriechen an et ass eng Plus-Value fir d'Kanner.
- Visioun: Gemeinsamt Konzept opstellen
 - > Rahmenlehrplan an Plan d'études 2025 sollten (gemeinsam) ofgeglach oder fusionéiert ginn.
- Institutionalisiéiert Austauschmomenter vun SEA an EF
 - > Austauschméiglechkeeten schafen & definéieren wéi déi sollen ausgesinn.
 - > Et ass oft ee Niewenteneen, Austausch ass virgesinn, mee gëtt oft net gemaach respektiv just tëschent Tür und Angel. Wann dat institutionalisiéiert wier, géing dat sécher besser klappen.
 - > Institutionalisiéierten Dagesprogramm ass ee Puzzelstéck, fir dass de Kontakt zwëschen SEA an EF besser klappt.
 - > Kontakt funktionéiert just gutt, wann ee gemeinsamen Skript geplangt ass.
- Tandem Educateur-Enseignant
 - > Et kéint méi differenziéiert geschafft ginn, wann een zesumme schafft.
 - > Iwwerlappung beim Schaffen, Theemen an der Schoul kéinten zesummen behandelt ginn.
 - Beispill: Enseignant schafft mat de Kanner ee Rezept aus, den Educateur kacht et mat de Kanner.
 - > Educateuren dierfen net an d'Klass, just beim Accueil oder Mëttesstonn. Wann keen do ass an et brennt, muss en Educateur awer dierfen an d'Klass goen! Dat muss am Kader festgesat ginn, dass dat méiglech ass.
 - Et koum eng Remark, dass dat awer méiglech wier, mee et schénge dann komplizéiert ze sinn.
 - > Angscht virum Double Emploi muss geholl ginn (dass ee mengt, dann mëscht de Schoulmeeschter während där Zäit näischt), Plus-Value muss ervirgehewe ginn.
 - > Do wou et gutt klappt, do gouf et eng extrem laang Viraarbecht an ee Coaching vun engem neutralen Externen, dee vill u béide Säiten geschafft huet, fir si zesummenzebréngen an et op Aenhéicht ze kréien. Dat geet net 'einfach sou'.
- Gleichwäertschätzung Educateur an Léierpersonal (SEA & KCB)
 - > Den Diplom dierf net esou wichteg sinn!

- Kompetenzen vun de Leit mussen valoriséiert ginn, net onbedingt den Diplom, Leit sollen do hëllefen kënnen, wou se Stärkten hunn.
- Et misst egal sinn, ob d'Kand d'Sciencen mam Enseignant léiert oder mam Educateur, deen ee Science-Nerd ass.
- > SEA well och mol aushëllefen dierfen wann et an der Schoul e Problem gëtt, ouni dass gesot gëtt, dass si net déi néideg Kompetenzen dofir hätten.
- > SEA kënnt mat an d'Klassen → D'Enseignanten gesinn dass d'Educateuren net just bastelen an d'Educateuren fillen sech sou fill méi valoriséiert.
- > Vue op deem aneren seng Aarbecht hëlleft op béide Säiten.
- Gemeinsam Formatiounen an Hospitatiounen: Plagen dofir am Plan d'études
- Bis elo 25% SEA an IFEN-Formatiounen erlaabt → gemeinsam FoCos
 - > Eng Léisung kéinten gemeinsam Formatiounen sinn, fir sech besser kennen ze leieren an openeen zouzegen.
 - > Gemeinsam Plattform schafen! Unerkennung vun de Formatiounen!
- Gemeinsamen Outlook fir SEA an EF
 - > Educateuren brauchen den Accès op déi selwecht Saachen → eduFiles, Outlook, Säll dierfen reservéieren.
 - > Eng gemeinsam Plattform feelt! Gemeinsam Handhabung! Gemeinsamen Accès!
- Gemeinsame Pool de Remplacement
- Remplaçants, déi an der Schoulzäit wéi an der Maison Relais kann ersetzen
 - > Virun allem an der Mëttesstonn ass et schwéier fir Remplaçanten ze fannen, hei kéinten Educateuren an d'Schoul kommen an hëllefen.
 - Wann een Mangel ass kann een Educateur spontan an och mol kuerz asprangen.
 - Am Moment gëtt esou eng Kollaboratioun ausgebremst, well dat eent Ministère (Enseignement) ass an dat anert Gemeng (Educateuren).
 - Et kéint een och dee selwechten Remplaçant hunn, deen vun deem engen an dat anert iwwegeet.
- Keng Trennung Ministère an Gemengen.
 - > Bildungshaus mat alle Secteuren gëtt proposéiert.
 - > Zesummenaarbecht op deem selwechte Site ass wichteg.
- Thema 'Schoulorganisatioun' immens wichteg an deem Ganzen.
 - > Wann jiddereen zesummen an engem Haus ass vereinfacht et de Kontakt.
- Méi kleng Strukturen (600 SuS sinn eng 'Fabrik')
 - > Esou ass och eng perséinlech an adequat Betreuung vum eenzelne Kand méiglech, bei enger Mass geet dat net méi.
- Méi kleng Klassen.
- Educateursberuff an Conditions de travail méi interessant maachen.
- Méi attraktiv Horairen, manner Coupuren am C1-C4-Beräich.
- Jugendhaus.

- > Jugendhaus an de Plan d'études mat erasetzen, fir z. B. an Cycle 4.2 kënnen ze goen an do zumindest punktuell a Projeten matzemaachen, sech virstellen & den Iwwergang an de Lycée ze vereinfachen → d'Kanner gi besser opgefaangen.
- > Vakanz vum Schoul a Jugendhaus zesammen sinn immens flott, fir béid Säiten uneneen erunzeféieren.
- Plan d'études ass net kohärent, logesch an hëlleft net fir ze wëssen, wat een herno mat de Kanner soll man. D'Participanten si kritesch, ob de Plan d'études herno wierklech hëlleft, fir eppes ze änneren. A wéifern bréngt de Plan d'études eppes an dëser Kollaboratioun?
 - > Ausso vun enger Participante: De Plan d'études wäert dat net reegelen a keng Léisung kënn sinn. Wa nëmmen drasteet "Dir musst iech géigesäiteg hëlleften", bréngt dat net onbedengt Kollaboratioun → Et läit un der Gemeng an un der Politik. D'Léisungen mussen vun alle Partner geschafent ginn.
 - > Et muss een tëschent dem Plan d'études an der Base legale ënnerscheeden.

5. Atelier D : De la communication à la collaboration

Bei de nofolgenden Stechwierder handelt et sech ëm eng Mëschung vun de Post-its, déi d'Participanten geschriwwen hunn, an der Matschrëft vum Notetaker säitens dem SCRIPT.

5.1. Wat klappt am Moment gutt?

- Fonctionne bien si on prend le temps et si on a la volonté
 - > Eng gutt Kommunikatioun a Kollaboratioun ass och aktuell scho méiglech, wann dëst vu béiden Säiten gewollt ass.
- Connaitre la personne de référence
 - > Dëst ass virun allem fir den Enseignant wichteg, esou weess hien u wien hien sech wenden muss, fir eng Informatioun weider ze ginn.
- EBS (troubles socio-émotionnels)
 - > Virun allem den Educateur hält de Cours an den Enseignant préparéiert dësen an wierkt ënnerstëtzend während dem Unterrecht.
- Manifestations, fêtes scolaires
 - > Fir unzufänken kéinten op dësem Niveau déi éischt Zesummenaarbechten gemaach ginn.
- Réunions communes (par exemple pour planifier nouveau bâtiment)
 - > Op gemeinsam Projeten ass et méi einfach, déi verschidden Acteuren zesummen ze kréien.
- Bonne communication entre la crèche et le précoce
 - > Déi gutt Zesummenaarbecht tëschent der Crèche an dem Précoce misst duerno oprecht gehalen ginn.
 - > Eng Participantin aus enger privater Struktur huet erkläert, dass den Austausch ganz vill variéieren kann. Bei hinnen wier den Ënnerscheid tëschent dem C1-Précoce, wou den Austausch ganz gutt a reegelméisseg stattfënnt, an dem C1.1, respektiv C1.2, wou (bal) keen Austausch stattfënnt, ganz gutt ze mierken.
- Beispill fir gutt eng Zesummenaarbecht an engem Gebai:
 - > D'Éducateuren bleiwen iwwert dat ganz Joer déi nämmlecht. Esou wësse si ëmmer u ween si sech solle wenden, wann eppes virgefall ass.
 - > Et existéiert ee Whatsapp-Grupp, wou een séier wichteg Informatiounen kann austauschen.
 - > Op mannst ee mol pro Trimester kommen d'Enseignanten aus dem Cycle no den Aarbechtszäiten vun den Educateuren an d'Schoul fir eng gemeinsam Concertatioun ze maachen. Esou kënnen d'Theemen vun den eenzelnen Klassen festgeluecht ginn, an all d'Acteure kënnen eppes an deem Thema schaffen, esou bleift et fir d'Kanner kohärent.
 - > Eng nei Schoul soll gebaut ginn, an deem Kader goufen Groupes de Travail aberuff an deenen souwuel de formalen wéi och den non-formalen Beräich vertraueden ass.

- > Interessant (non existent) Groupes de Travail kéinten sinn:
 - GT sur les valeurs et normes
 - GT sur les devoirs à domiciles
 - GT sur les manifestations
- > Fir d'„Hausaufgabenhëllef“ gutt kënnen duerchzeféieren, goufen „Formations internes“ organiséiert fir den Educateuren, via eng Visite en classe, de Fonctionnement vun den Hausaufgaben ze erklären.

5.2. Les obstacles

- Nécessité d'un langage et d'une attitude communs
 - > Dës géif feelen, fir kënnen gutt zesummen ze schaffen.
- Même dans un campus commun : pas de base de discussion
 - > Och wann d'Maison Relais an d'Schoul op engem Campus sinn, also ganz no uneneen, ass keng Garantie, dass eng gutt Zesummenaarbecht existéiert oder souguer eng gutt Kommunikatioun entsteet.
- Pas de cadre législatif/structurel pour la collaboration
 - > D'Zesummenaarbecht wier méi einfach, wann dofir en legislativen Kader géif geschafen an net just „encouragéiert“ ginn.
- Les acquis prévalent sur l'intérêt de l'enfant
 - > Et ass quasi onméiglech, d'Horaires vun enger Schoul ze änneren, well vill Enseignanten op hier Acquisen (fräi Nomëtteger) bestinn.
- Manque de connaissance des méthodes de travail
 - > Hei ass drop higewisen ginn, dass déi formal an déi non-formal Bildung hir jeeeweileg Aarbechtsmethoden net kennen.
 - > Ee grouse Problem ass, dass d'Enseignanten net wëssen, wat an der Maison Relais (oder soss non-formalen Secteur) geschitt.
- Demande de changer les horaires pour rendre possible la collaboration entre le domaine formel et non-formel refusée
 - > Hei hat eng Schoul en neien Horaire proposéiert, fir dass gemeinsam Plagen mat der non-formaler Bildung kéinten entstoen. Den neien Horaire ass awer vum Ministère refuséiert ginn.
 - > Ee weideren grouse Problem ass d'Feelens vun sougenannten „Plages horaires communes“. Den allgemengen Kader géif eng Zesummenaarbecht nämlech bal onméiglech maachen (oder extremst erschwéieren), dëst souwuel um strukturellen an temporellen Niveau. Och gouf hei geäussert, dass een esou eng Zesummenaarbecht um legislativen Niveau ugoen misst/kéint.
- Een Enseignant huet ugemierkt, dass den Austausch zum Deel onméiglech gemaach gëtt. Dëst wëll verschidden Enseignanten direkt „no der Schoul“ heem fueren an net bereet sinn, fir mam non-formale Secteur ze schwätzen. Et misst een verschidden Enseignanten mol drun arënneren, dass och si eng 40h/Woch hunn. Folgend Iddi gouf geäussert: Et kinnt een, fir eng Zesummenaarbecht ë bësse ze erzwéngen, eng 30h/Woch Präsenz fir Enseignanten aféieren. Déi

néi geschaafften Präsenz-Stonnen kéinten zum Beispill genotzt ginn, fir den Austausch tëschent deenen verschiddenen Acteuren aus dem non-formale Beräich opzebauen.

- Collaboration entre école et assistante parentale inexistante
 - > D'Roll vun den assistants parentaux, z. B. an der Hausaufgabenhëllef gëtt net genuch zur Kenntnis geholl.
 - > Zu den "assistants familiaux" gouf ugemierkt, dass dës meeschtens méi mat de Kanner schaffen an ze dinn hunn, wéi verschidden Elteren, an trotzdem sinn dës am Bilan net erwünscht.

5.3. L'avenir

- Plus d'informations sur l'éducation non-formelle pour le grand public
 - > Et handelt sech net nëmmeëm eng Garderie an där d'Kanner plazéiert ginn, fir d'Zäit ëmzekeréien, hiren Handlungsberäich geet vill méi wäit an dësen muss méi kloer kommunizéiert ginn.
- Le bien-être est un thème important du Plan d'études
 - > An dësem Plan d'études kéint den non-formelle Beräich gutt intervenéieren a matschaffen.
- Souhait: réunions avec les enseignants (promouvoir l'entraide)
 - > Et ass de Wonsch opkomm, dass Réuniounen tëschent den Enseignanten an den Educateuren stattfannen, sou dass sech géigesäiteg kéint gehollef ginn.
 - > Eng éischt Iddi fir den Austausch ze fërderen wier mol d'Educateuren vum non-formale Beräich an d'Concertatiounen vun de jeeweiligen Cyclen ze integréieren. Dëst wier mol een éischten wichtege Schrëtt an déi richteg Richtung.
- Plan d'études avec annexe proposant des idées de collaboration entre l'éducation formelle et non-formelle
 - > De Plan d'études sollt eng Annexe hunn, wou konkret Beispiller dran wieren, wéi déi formal an non-formal Bildung zesummebruecht kéinten ginn.
- Le plan d'études devrait comporter des liens vers le cadre de référence
 - > Hei huet een Participant gemengt, dass et gutt wier, wann am neie Plan d'études ëmmer nees och op de Cadre de référence géif verweise ginn.
- Konkretes zum Plan d'études:
 - > Konkret, gemeinsam Aktivitéiten am Plan d'études hunn.
 - > Bei den Competences transversales géif sech gutt ufänken loossen.
 - Zum Beispill kéinten dës och gemeinsam évaluéiert ginn.
 - > Gemeinsamkeeten an d'Zesammenhäng tëschent dem Plan d'études an dem Cadre de références ervirhiewen.
 - > Ee gemeinsam Dokument fir béid Secteuren erschaffen.

- Vue globale de l'enfant
 - > Duerch eng Zesummenaarbecht vun der formaler an non-formaler Bildung géif eng global Vue op d'Kand entstoen.
 - > Och wann Enseignanten an Educateurs eng liicht aner Vue op de Schüler (d'Kanner) hunn, wat souwuel een Avantage wéi och een Désavantage ka sinn, esou sinn béid Vuen wichteg.
 - > Et wier awer wichteg, dass béid Secteuren nëmmen dat Bescht fir d'Kand wëllen.
- Maison Relais : plages horaires de disponibilités éventuelles.
 - > Hei huet eng Éducatrice gesot, dass et an der Maison Relais Zäiten ginn, wou an der Maison Relais nët sou vill Aarbecht ass an wou kéint mat der Schoul zesummen geschafft ginn.
- Directeur d'école qui pondère les intérêts.
 - > Wann et an der Schoul en Direkter géif ginn, kéinten déi verschidden Intérêten besser ponderéiert ginn an besser am Sënn vum Kand schaffen.
 - > Eng weider Iddi gouf geäussert: Firwat féiere mer keng Directeurs d'école an? Eng nei Persoun, déi kleng Onreegelméissegkeeten an "senger" Schoul direkt kéint reegelen, ouni mussen iwwert eng "iwwerfuert" Direction de région ze waarden. Esou kéinten kleng Diskussiounen an de Schoulen méi séier gereegelt ginn. Sou wier ët och méiglech, z. B. um Moment vun der Schoulorganisatioun, den Intérêt vun de Kanner méi am Fokus ze behalen.
- Avoir des plages horaires communes.
 - > Wann Zäiten geschafen kéinten ginn, wou d'Enseignanten an d'Educateurs an der Schoul sinn, kéint besser zesumme geschafft ginn.
 - > Fir den Enseignanten d'Aarbecht ze erliichteren, kinnten d'Educateurs (déi meeschtens schonn géint 10h00 an de Schoule sinn) an den eenzelnen Klassen assistéieren. Och kinnt een sougenannten "plages horaires communes" aféieren an d'Mëtteger zesummen mat den non-formalen Acteuren plangen.
- D'Transversalitéit ass och ee wichtegen Facteur, an deem béid Secteuren intervenéieren kënnen:
 - > Um selwechten Thema schaffen, zesummen Aktivitéiten ausschaffen (z. B. an de Bësch goen).
 - > Schoulbicher austauschen, fir jidderengem déi selwecht Basis zur Verfügung ginn.
- Ganz wichteg wier een kloeren legislativen Kader, an deem esou Zesummenaarbechten festgehalten ginn
 - > Et misst och een Austausch tëschent all den Acteuren stattfannen: tëschent den Directions régionales, de Gemengen, dem SEA, etc. Dës Acteure missten gemeinsam Konzepter ausschaffen. Esou kéint een zesummen un engem Strang zéien.

5.4. Wonschziedel

- Apprendre à ne pas forcer les enfants à travailler.
- Espaces/ plages communes / enfants au centre.
- Attitude bienveillante (wäertschätzende Haltung) et langage commun.
- Les acteurs du secteur non-formel devraient être considérés comme une ressource pour les acteurs du secteur formel et vice versa.
- Le public devrait recevoir davantage d'informations sur le domaine de l'éducation non-formelle.
- Collaboration entre acteurs.
- Une "vraie" collaboration entre Maison relais et école // Educateurs et enseignants.
- Plan d'études = fil rouge pour l'enseignant, ne devrait pas être considéré comme une liste à cocher.

6. Gruppenaussoen aus dem Online-CoLab

Am Online-CoLab, deen den 24. Januar 2023 iwwer Teams stattfonnt, hunn d'Participanten no enger Introduktioun vum SCRIPT a klenge Gruppen vu 4 bis 5 Leit zesummen diskutéiert. Als Diskussiounsgrondlag kruten d'Participanten ee Word-Dokument mat verschiddene Froestellungen, déi nofolgend d'Ënnerkapiteln duerstellen. An dësen Ënnerkapiteln sinn d'Äntwerten vun den insgesamt 26 Klenggruppen a Stechwierder festgehalten.

Ofschléissend sollten d'Participanten déi Aussoen, déi fir si an der Grupp besonneg wichteg oder prioritär waren, extra ervirhiewen. An dëser Annexe sinn déi Aussoen giel markéiert.

6.1. Wat verstidd Dir an Ärem Grupp ënnert de Begrëffer 'Formal Bildung' an 'Non-formal Bildung'?

Grupp 1

- Formal Bildung: Éischer d'Kompetenzen fir Fächer, déi bis elo am Plan d'études définiert waren, souwuel wéi déi fächeriwwergräifend Kompetenzen (système éducatif classes EF et secondaire).
- Non-formal Bildung: Éischer fir all d'Schüler ausserhalb vum offizielle Schoulkader (EF oder Secondaire) z. B.: Musékschoul, Foyer, Maison relais, Sport, etc.

Grupp 2

- Formale Bildung: feste Zeiten, Lehrplan, Unterrichtsstoff/-fächer, Evaluierung, Unterrichtspflicht, Erreichen von "socles".
- Non-formale Bildung: freiwillig, Vereine, Jugendhäuser, Maison Relais, Teilnahme, Mitgestaltung, individueller, bedürfnisorientiert.

Grupp 3

- Éducation formelle = école (cadre plutôt défini).
- Éducation non-formelle = forme d'éducation organisée par des objectifs éducatifs spécifiques – jeu/plaisir/liberté/détente (cadre plutôt ouvert).

Grupp 4

- Éducation formelle : école, évaluations, obligatoire, éducation traditionnelle, imposé.
- Éducation non-formelle : Maison Relais, foyer de jour, crèche, pas d'évaluations, pas de tests, pas obligatoire, éducation ouverte, libre choix.

Grupp 5

- Formal Bildung: gëtt an der Schoul evaluéiert.
- Non-formal Bildung: ausserhalb der Schoul, an enger Institutioun, mat Bildungsziler.

Grupp 6

- Formal Bildung: Schoul → Unterrecht, Wëssen bäibréngen, Plan d'études, Compétences liées au savoir, obligatoresch.
- Non-formal Bildung: Bildungsrahmenplan, Compétences liées à l'évolution individuelle, net obligatoresch, Participation active au choix par l'enfant.

Grupp 7

- Ganzheetlech Bildung.
- Formal Bildung → an der Schoul.
- Non-formal Bildung → ausserhalb vun der Schoul, doheem, Maison Relais, Sportvereiner, Veräiner.
- Inklusioun vun all den Kanner.

Grupp 8

Formale Bildung

- Schulisch, klar definierte Lernziele, Lehrplan, Bewertung.

Non-formale Bildung

- Betreuung ausserhalb des Unterrichts, mehr Freiheiten bei Aktivitäten.
- Kann sich eigene / individuelle Ziele setzen.

Beide

- Umgebung zum Lernen, Kind steht im Mittelpunkt, Fokus: Interaktion zwischen Kindern.

Grupp 9

- Formal Bildung: Zilorientéiert (Sproochen, maTheematesch Kenntniss, etc.), Motivatioun, eng Relatioun a Vertrauensbasis schafen.
- Non-formal Bildung: fräiwelleg Basis, kee Leeschtungsdrock, onstrukturéiert Léieren, Léieren no den Interessen a Bedürfniss vun den Kanner, partizipativ, eng Relatioun a Vertrauensbasis schafen.

Grupp 10

- Basis sëtze fir Kanner staark ze maachen fir, dass se a Léierprozesser kommen.
- Op d'Besoiner vun de Kanner agoen als Individuen, awer och a Consideratioun vun der Gruppendynamik.

- Mat Adaptatioune schaffen sou erlabe mer all Kand eng adäquat Teilhabe am Alldag.
- Differenziatioun am Programm.
- Besoine vun de Kanner opfänken duerch vielfältegt Material.

Grupp 11

- Formal Bildung fënnt an der Schoul statt an engem geregelte Kader.
- Non-formal Bildung fënnt an den SEAS an Crèchen statt.
- Woubäi déi zwou Bildungsformen encadréiert sinn mat spezifeschen Zilsetzungen.

Grupp 12

- Formal Bildung: Schoul – alles wat bewäert gëtt – resultatorientéiert.
- Non-formal Bildung: Structures d’acceuil et d’éducation – alles wat net schoulesch begleet gëtt.

Grupp 13

- Formal Bildung: ass obligatoresch an zougängelech fir all d’Kanner, huet ee feste Programm – Sockel Kompetenz, Wëssensvermittlung – Alphabetisation – Calcul, Frontalunterricht.
- Non-formal Bildung: SEA: Mir bidden verschidden Offeren (Handlungsfelder) un an d’Kand huet de Choix, wou et sech selwer wëll weiderbilden.
- Assistant parental: libre choix an den Aktivitéiten.

Grupp 14

- Formal Bildung: ëmfaasst Strukturen an der Schoul, zertifikativ Evaluatioune an e festen Joresprogramm. Den Inhalt ass u fest Stonnepläng an un de Joresprogramm gebonnen, dee vum Enseignant gehale gëtt. Oft handelt et sech ëm homogen Gruppen.
- Non-formal Bildung: sinn fix Strukturere ausserhalb vun der Schoul, déi sech no den Interessen vun de Kanner riichten a keng obligatoresch Partizipatioun duerstellen. D’Gruppen mussen net ëmmer homogen sinn, bedéngt duerch den oppene System.

Grupp 15

- Éducation formelle – chaque enfant a droit à une éducation de qualité et égale.
- Éducation non-formelle – offre éducative en dehors de l’école.

Grupp 16

- Formal Bildung: Besteet am Fundamental; ESC, ESG; privat an öffentlech Schoulen - zertifikativ Leeschtung duerch Socles (Fundamental); Réussite scolaire = Leeschtungsdrock; Horaires et Programmes; Plan d’études; Obligatioun (ausser Précoce).
- Non-formal Bildung: ausserschoulesch Betreierung vu Schoulkanner (Crèches, Foyer, Dagesmamm, Maison-relaisen, Internat, haaptsächlech am Fundamental; Kader ënner anerem fir Hausaufgaben: Konzentratioun, Hëllef, Schreifaachen, Recherche, etc. (awer keen Appui); Bildungsrahmenplan; Entwëcklung vun de Kanner ausserhalb vum Schouleschen; fräiwëlleg, awer eng Necessité sociale.

Grupp 17

- Éducation formelle : école, fondamentale et secondaire : cadre dirigé, orienté vers les résultats.
- Éducation non-formelle : crèches, Maison Relais, club de sports, maisons des jeunes : cadre libre, plus de souplesse.

Grupp 18

- Formal Bildung = zilorientéiert, Plan d'études gebonnen, de Feeler ass oft « ze wichteg ».
- Non-formal Bildung = Kanner sinn Acteure vun hirem Wëssen an hirem Alldag, gestalten hir Fräizäit an hire Schoulalldag, ressourcenorientéiert.

Grupp 19

- Formal Bildung fënnt an der Schoul (Institutioun) statt.
- Non-formal Bildung fënnt am SEA statt.

Grupp 20

- Non-formal Bildung (= außerschoulesch Bildung: alles wat am Zwëscheberäich tëscht Schoul a Famill stattfënnt) → Maison Relais, Sportsclub, Musik, Crèche, etc.
- Formal Bildung → Précoce bis Universitéit; alles wat un eng Institutioun gebonnen ass.

Grupp 21

- Éducation formelle : ECOLE.
- Éducation non-formelle : PERISCOLAIRE.

Grupp 22

- Formal Bildung : Schoul.
- Non-formal Bildung: iwwehall do, wou d'Kanner ausserhalb vun der Schoul sinn, alles wat ausserhalb vun de Strukturen ass, net obligatoresch Strukturen, déi d'Kanner betreien (Maison Relais, Crèche, etc.).

Grupp 23

- Formal Bildung: no engem Programm schaffen, ee Raster hunn.
- Non-formal Bildung: Bildungsrahmenplan, Fräizäit erméiglechen, spillerech un d'Kand bréngen.

Grupp 24

- Formal Bildung: eng bestemmte Virgab repspektéieren mat engem bestemten Contenu (Manéier kann een adaptéieren, mee d'Zil ass awer virginn). Dobäi muss een d'Zäit am A behalen. Um Schluss steet eng Evaluatioun, déi méi oder manner zertifikatif ass. D'Resultat ass wichteg.
- Non-formal Bildung: d'Schüler kréien eppes ugebueden, mee si si fräi doranner, ob si dat wëlle maachen oder och net. D'Resultat ass hei manner wichteg. Um Schluss ass keng Evaluatioun.

Grupp 25

- Formal Bildung - reng leieren.
- Non-formal Bildung - “spillerech” leieren.
- Ganze Bléck op d’Kompetenz vum Kand.

Grupp 26

- Formal Bildung : Schoul.
- Non-formal Bildung: am Spillen den Horizont vun de Kanner erweideren.

6.2. Wéi eng villfälteg Léierméiglechkeeten bitt de non-formale Secteur a wou leien d’Vernetzungsméiglechkeeten mat der formaler Bildung?

Grupp 1

- D’Sprooch, d’gutt Manéieren, d’soziaalt Verhaalen, d’proppert lessen, d’Hygiene, d’Vernetzungen duerch 7 Handlungsfelder konkret erliewen z. B. an de Musée goen, Blieder sammelen, d’Fächer AKTIV ëmsetzen, et “maachen”.
- D’Vernetzung vun den theoretische Fächer “de savoir” an den “savoir faire” ëmzesetzen.
- D’Schwéierpunkten sinn ënnerschiddlech, mee ginn “Hand an Hand”.

Grupp 2

- Plages communes im Unterricht (Maison Relais und Lehrer) oder in der Maison Relais, Beziehungsdidaktik! Themenübergreifend Maison Relais und Unterricht, geteiltes Material und Räumlichkeiten (vereinfachen), Fachpersonal als Team ansehen, gemeinsame Fortbildungen, gemeinsame Gespräche mit den Eltern.

Grupp 3

- **Apprentissage dans le secteur de l’éducation non-formelle** – absence d’évaluation – 7 champs d’action – plus de liberté, on peut choisir p. ex. l’atelier – participation (= un principe) – apprendre dans son propre rythme.
- **Des liens avec l’éducation formelle** – se croisent – compétences transversales – ils créent des synergies.

Grupp 4

- Échange entre instituteurs et éducateurs. Collaboration école et service d’accueil.
- La socialisation, le savoir vivre ensemble, le respect, la tolérance des cultures, la sensibilisation, la découverte de la nature, la psychomotricité, se découvrir eux-mêmes, découvrir les autres, les langues.

- Travailler sur les mêmes thèmes (Maison Relais → École), travailler sur les mêmes projets.
- Points d'intersections → salles partagés, chartes (groupe de travail).

Grupp 5

- Vielfalt.
- Kader vum Educateur gesat.
- Choix vum Kand, wat d'Aktivitéit ubelängt, autonom Decisioune, méi Gestaltungsméiglechkeete.
- Participatioun vun de Kanner, sech de Wënsch vun de Kanner upassen, och als Léierprozess (am Centre d'intérêt vum Kand).
- Sozialt Léieren.
- Léieren am Spill.
- Zäitgenösseg, aktuell Positioune vermëttelen, déi nach nët an engem Curriculum opgeholll sinn (z. B. Videokënschtler presentéieren, doraus selwer e Videoschneidspill maachen).
- Schnëttstellen: an der Bezéiung mam Kand.
- Eng gemeinsam Ligne mat de Kanner fannen: gemeinsam Reegele a Wäerter fir e gemeinsamt Zesummeliwwen (Achtsamkeet dem Kand vis-à-vis, mutuelle Respekt, Disziplin, Härzlechkeet)
- Virbildfunktioon vun allen Intervenants, déi mat de Kanner schaffen.
- Zäit fir Kommunikatioun am Alldag, als Partner, lauschtere, wat den anere seet, ëmmer am Sënn vum Kand. Dofir misst e gemeinsame Kader geschaf ginn. (z. B. gemeinsam Concertatioune, nieft Tür- und Angelgesprécher).

Grupp 6

- Non-formal Bildung: ciblée selon les besoins individuels des enfants, sept champs d'action, favoriser l'indépendance de l'enfant, learning by doing.
- Formal Bildung: rattachée au Plan d'études, compétences transversales (compétences sociales).
- Vernetzungsméiglechkeeten: compétences transversales, Ausschaffen vun engem gemeinsamen Konzept.

Grupp 7

- Non-formal Bildung: Maison, crèche, Maison Relais, foyer de jour, foyer d'accueil.
- Activité sportive, activité éducative, Fräispiell, activité cuisine, sorties pédagogiques, culturelles.
- Formal Bildung: Schoul.
- Sorties pédagogiques (aussi en collaboration avec Maison Relais), compétences intellectuelles, fachlech Kompetenzen (rechnen, Schreiwen, liesen, etc.).

Grupp 8

Lernmöglichkeiten

- Themenräume (Sciences, Lesen etc.).
- Umgang mit dem Computer.
- Können Lerninhalte nach ihren eigenen Interessen wählen (z. B. in Themenräumen) und autonom lernen.

Optionen zur Vernetzung

- Kooperation Maison Relais / Schule ermöglicht viele gemeinsame Projekte.
- Übergänge sind fließend, beide Lernorte werden als Einheit wahrgenommen.
- Gemeinsame Feste und Ateliers.
- Gemeinsame Bilans / Elterngespräche.
- Gemeinsame Portfolios.
- Räume und Material gemeinsam nutzen (→ fließende Übergänge).
- Tipp: App « Dimmi » (Kommunikation zwischen Schule, Eltern und SEA).

Wunsch

- Digitale Vernetzung (z. B. Teams-Konto für alle Acteure der SEA).

Grupp 9

- Sozial Werter an d'Zesammenliewen, Respekt vun der Verschiddenheet.
- D'Sprooch an d'Kommunikatioun, déi an der Schoul um Pabéier geléiert gëtt, gëtt an der realer Welt geprouft an geliewt.
- Kierpererfahrungen (Schwammen, Gläichgewichtssënn ...) ginn an der SEA spilleresch erprouft, bei de Peers nogekuckt an ouni Drock selwer probéiert.
- D'Kanner ginn net bewäert, et ass fräiwëlleg, a si dierfen do Deel huelen, wou hir Interesse sinn: Dëst erlaabt et de Kanner sech selwer kennen ze léieren: « Waat si MENG Interessen ouni, dass ech virgi kréien. wat elo um Programm steet. »
- Kanner dierfen hir Emotiounen zouloossen a weisen a gi net jugéiert oder vun der Grupp bewäert.
- Am oppene System: Keen Daag als « Grupp » verbréngen, mee Individualitéit ass ok.

Grupp 10

- Verschidden Handlungsfelder.
- Méi Méiglechkeeten an der Entdeckung, d'Kand aus enger anerer Perspektiv kenneléieren duerch Observatiounen → Zesummenaarbecht mat der formaler Bildung, regelméissegen Austausch iwwert d'Kanner.
- Eng aner Vue op d'Kand, d'Kand an engem anere Kontext gesinn an esou Stärkte gesinn, déi an der formaler Bildung verbuerge bleiwen.
- Ressourcenorientéiert Schaffen.
- Netzaarbecht mat der Schoul, aner Hëllefstellung méiglech, gemeinsam no Léisunge sichen.

Grupp 11

- Kierperlech Aktivitéiten ewéi z. B. schwammen, turnen → Vernetzung zu gemeinsamen Aktivitéiten, Sportsprojeten, Reegelen etc. opstellen.
- Hausaufgaben, Hausaufgabenbetréiung an E-Bichelchen: e gemeinsamen Austausch zwéschen beiden Bildungsinstanzen.
- Förderung vun der Sozialkompetenz andeems e gemeinsamen Austausch vun de Referenzpersounen stattfënnt.
- Den Elteren hirer Demande nokommen fir de Programm/Aktivitéiten vun de Kanner ze adaptéieren. Och esou ginn Sozialisatiounsinstanzen- a Rahmenbédingungen adequat émgesat → Förderung vun der Autonomie.
- Demokratesch Wäerter vermëttelen z. B. duerch e Schoulkomitee bei Kanner an och een an der SEAS.
- Inklusioun.

Grupp 12

- Soziaalt Zesummeliwwen, Hausaufgabenhëllef, transversal Kompetenzen.

Grupp 13

- Mir bidden bal all Léierméiglechkeeten un – Handlungsfelder ginn do immens groussen Spillraum. Mir kënnen méi op hir Interessen an Emotiounen agoen, d'Schoul huet net déi Méiglechkeeten (Programm, Personal, Ratio) fir sou op d'Bedürfnisser individuell anzegoen.
- Vernetzung :
 - > Gemeinsam Theemen: Moies Theorie a mëttes Praxis z. B. Moies Wickingereschicht, Mëttes SEA geet 'Wickinger' spillen an d'Natur oder bastelt d'Kostümer.
 - > Hausaufgabebegeleitung ka besser geréiert ginn – Zäitmanagment.

Grupp 14

- **Léierméiglechkeeten** am non-formalen Secteur leien am Verdéifen a Vernetzen vun enger Matière. Den Accent leit op dem Wee, d. h. et geet net ëm d'Endprodukt mee ëm de Wee bis dohinner.
- **Vernetzungsméiglechkeeten** mat der formaler Bildung erméiglechen déi selwecht Theematiken opzegreifen.
- **Erweiterungsméiglechkeeten/Approfondissement** erlaabt zousätzlech nei Methoden an erweiert Erkenntnisser vun den Kannern an vun den Theematiken. Ausserdems gëtt doduerch d'Kreativitéit gefuerdert.

Grupp 15

- Dans le cadre de l'éducation non-formelle, les enfants ont l'opportunité d'apprendre en jouant, comme p. ex : aller à la piscine, aller à la foret, jouer des jeux de société.

- On les prépare en même temps pour la vie d'adulte.
- Dans le cadre de l'éducation formelle, les enfants en précoce apprennent aussi en jouant.
- Ils font aussi de natation, apprennent les sciences, les mathématiques, mais d'une manière plus formelle / approfondi.

Grupp 16

Léierméiglechkeeten

- Kader fir Hausaufgaben.
- Sozialkompetenzen an der Fräizäitgestaltung.
- Angebotes, Ureegungen an Atelier.
- Zesummenaarbecht tëscht de Kanner, Matsproocherecht, Demokratie, Decisiounen huelen, Iddien abréngen, Konfliktbewältegen.

Vernetzungsméiglechkeeten mat formaler Bildung

- Austausch mam Komitee.
- E-Bichelchen (gëtt nach richtig benotzt).
- C1-punktuell Gespréicher mat Maison Relais.
- Keen Austausch mat Dagesmammen.
- IEBS- am Austausch.
- C1 – gemeinsam Bilansgespréicher mat den Eltren.
- C2-C4 – 1x / Trimester Austausch mat Coordinateur de cycle; vereinfacht d'Kommunikatioun.

Grupp 17

- Acquisition de l'autonomie : relations sociales, la vie en commun (collectivité), l'éducation formelle valide des acquis par une note sur le bulletin.
- Acquisition de multilinguisme par les propres moyens, après cela fait partie de l'éducation formelle.

Grupp 18

- Den Educateur mécht een sozio-emozionale Projet mat de Kanner während der formaler Plage transversal Kompetenzen.
- Selwecht Reegelen an den zwou Strukturen.
- Selwecht Räumlechkeeten, Funktiounsraum a Material ginn zesumme genotzt.
- Ausflich.
- Gemeinsam Theemen, wou déi zwee Beräicher während enger Zäit Aktivitéiten organiséieren.

Grupp 19

